adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2017

Här President,

Heimat erlaben ech mir, Iech matzedeelen, datt ech d'Regierung iwwer de Sujet: „*Meenungsfräiheet: aktuell Entwécklungen a Geforen zu Lëtzebuerg an am internationale Kontext*" wëll interpelléieren (Art. 88 vum Reglement vun der Chamber). Als gudde Moment fir dës Interpellatioun géing ech eng Sëtzung am Hierscht 2017 virschloen, virausgesat d'Presidentekonferenz ass domat averstan.

Bei dëser Interpellatioun sollen ënner anerem dës Sujeten traitéiert ginn:

- d'Meenungsfräiheet als Mënscherecht, wéi an internationale Konventiounen festgeschriwwen;
- prinzipiell Iwwerleeungen zum Risiko vun enger Zensur, déi eis Verfassung ofgeschaft huet, an zu rezente legislativen a jurisprudentiellen Entwécklungen zu Lëtzebuerg;
- Fräiheet a Verantwortung am politeschen Denken, an der politescher Ried an am Handelen;
- d'Meenungsfräiheet an der Press an an de soziale Medien;
- Déi akademesch Fräiheet an d'Fräiheet an der Fuerschung;
- d'Meenungsfräiheet an der Bildung an am Schoulwiesen.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten